ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 29. Mee 2020

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Recherche weiderzeleeden.

Am Kader vun de flächendeckenden Tester an de COVID-19-Testzentren am Land, gëtt op internationaalt Personal zeréckgegraff, dat iwwer zäitlech begrenzte Vollzäit-Kontrakter. Dës Aarbechtsplaze sinn ënneranerem vun Interimsagencen ausgeschriwwe ginn. D'Personal gëtt an de Beräicher Gesondheets- a Krankefleeg, Dateveraarbechtung, Labortechnik a Sécherheet beschäftegt.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Minister fir d'Recherche gär folgend Froe stellen:

1. Firwat ass keen Opruff un déi Leit gemaach ginn, déi sech am Kader vun engem CDD-Kontrakt vun dem Covid 19 Programm, am Abrëll a Mee, beim Staat gemellt haten?
2. Firwat sinn d'Kontrakter vun deene Leit, déi am „Centre de soins avancés" um Kiirchbierg ugestallt goufen, net zur Zäit verlängert ginn, iwwert de 29. Mee 2020 eraus?
3. An Däitschland huet sech erausgestallt datt eng Rei Betriber, déi mat internationalem Personal vun Interimsagencë geschafft hunn, sougenannte "Corona-Hotspots" sinn. Wat fir eng Sécherheets-Mesurë sinn ergraff ginn, bei deenen Interimsaarbechter am Kader vun der nationaler Covid-19 Campagne?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten